La Strange

Den Fly Fishing Club Luxembourg hat traditioneller Weis den éischten Samsden am November séng Sortie op La Strange an den belschen Ardennen, och nach ..... oder virun Allem „ la Sortie du Jambonneau“ genannt. Schon ewei d´Kollegen sech ungemellt hun fir un der Sortie deel ze huelen huet keen gefroot ..... ewei gët d´Wieder ee Samsden.... oder ..... méngs De dëst Joër géifen mir vill Fësch fänken, nee eis Memberen haten nëmmen éng Suerg ..... „ soo mol den Jambonneau wäert jo hoffentlech déck genuch sin“ an genee esou sin mir et och ungaangen. d´Fëscher woren schon ewei se ukomm sin beschtens gelaunt an déi gudd Stëmmung sollt sech och den ganzen Dag iwwer fortsetzen.

Leider haten ausser eis och nach éng selleschen flamänesch Fëscher dovunner profitéiert fir am Virfeld vum Marathon zu Rabais zu la Strange ze trainéieren esou dass een schon bal konnt méngen den Marathon wär dëst Joër erëm op dëser Plaz ausgedroën gin. Mée och hei hun mir dat Bescht draus gemeet an nodeems den Gérant vum Site och fond huet dass dat ee bëssen zevill dir´s Gudden wär, huet Hien eis proposéiert eis dat nächsten Joër den Site fir eis ze reservéieren wann mir am Virfeld géifen bescheed soën, wat mir dann och bestëmmt dat nächsten Joër esou maachen wäerten.

Bei mëllen 19 ° Grad, déi awer esou guer net an dës Joreszäit eran gepasst hun, ass den Fëscherdag ewei ëmmer bei énger gudder Taas Kaffi ungaangen, Hei huet déi wonnerbar Stëmmung déi schon um Virowend vun eiser Sortie, do ewou mir och traditioneller Weis ëmmer eis Bannkuren zu Lamadelaine um Weiher beim Joé unfänken, hiren Ursprong hat éng Fortsetzung fond an et ass schon vill gelaacht gin. Et ass och ëmmer erëm erstaunlech eweivill Memberen sech motivéiert kréien fir un dëser Sortie deel ze huelen an dat läit awer mat Sécherheet net un den villen Fësch déi mir eis normaler Weis erwuarden. Och wann een soën muss dass den Site vun la Strange schon säin Charme fir sech huet, läit dësen dach ganz fir sech erléng am Bësch an déi schéin Géigend ronderem déi belsch Ardennen dréiht och gewëss hiren Deel dozou bäi. Wor et gewinnter Weis op dëser Plaz ëmmer fiicht an kaal , ass dat awer dës Kéier net den Fall gewiecht.

Fir unzefänken hun ech eemol den Tour ronderem den Weiher gemeet, énger Säits fir ee puer schéin Fotoën ze maachen mée och fir ee bëssen mat den Komeroden ze pooteren. d´Stëmmung beim fëschen wor natiirlech net déi aller Bescht, énger Säits woren wirklech vill Fëscher do an annerer Säits hun d´Fësch och ewei meeschtens op dëser Plaz net gebass. Mée den Jemp huet natiirlech erëm missen iwwerdreiwen, huet Hien iwwer laang Joëren ëmmer erëm mat séngem Schicksal gehadert ewell Hien nach nie een Kaarp mat der Méck gefaangen hat, schéint Hien elo zu la Strange nëmmen nach Kaarpen ze fänken. Objidverfall huet Hien den Bock och dëst Joër erëm mat séngem schéinen Schuppenkaarp ofgeschoss. Den Gérant vum Site hat eis schon beim Kaffi verzielt dass neierdéngs vill Hiechten géifen gefaangen gin,

komescher Weis huet Keen dat esou richtég registréiert haten se dach Alleguer nëmmen d´Héiss an der Kop. Mir hun dun op énger Plaz ëmmer erëm kléng Fësch gesin aus dem Waasser sprangen an do konnten mir natiirlech net widerstoën. Den Jeek, den Patrick (an säin Hond) an den Luss woren extra op d´Insel geknëschelt an haten do hir léiw Freed ewell et besonnesch schwéier wor op dëser Plaz anzegehäien an mir méi an den Beem huungen ewei dass mir d´Méck an d´Waasser kritt hun. Dem Hiecht schéint dat nawell gefall ze hun ewell hien huet sech déi ganzen Zäit net gewisen, Hien luung bestëmmt am Waasser sech d´Pans voll ze laachen iwwert eis. Komescher Weis woren mir net déi Eenzeg déi dem Hiescht wollten op den Pelz reckelen, huet enn dach ëmmer erëm Fëscher gesin an deen Eck vun der Insel knëschelen an all Kéiers wann den Zirkus deen d´Fëscher opgefouert hun erëm eriwwer wor dann huet den Hiecht erëm ungefaangen ze johen.

SIMS

Dëst Joër wor et um Albert fir ze beweisen op Hien et och wirdeg wär sech un esou énger Héiss ze moossen, am Géigendeel vun eiser Een huet den Albert dat dann och als fanateschen drechen Méckenfëscher mat énger gewëssen Eleganz gemeeschtert. Den Erny huet ewei all Joërs fir den Dessert an Form vun Stollen gesuergt, dat wor och net verwonnerlech kennt Hien sech dach vun eis Alleguerten am Beschten domader aus. Mir woussten dat natiirlech och ze wirdegen andeems mir Him een Ständchen bruecht hun och wann dësen net déi erhofften Wirkung gewisen huet.

Den Misch wor Moies ganz onzefridden mam fëschen an huet dat och net verheemlecht, wat wuel kéngem Fëscher um Weiher entgaangen wor, mée Hien wor awer erëm nom Iessen deen Éischten deen beim Waasser stuung an ewei mir schon laang erëm um Heemweë woren huet Hien nach ëmmer gefëscht, jee esou séier léisst den Misch sech net ënnerkréien. Mir haten éng flott an stëmmungvoll Sortie déi eis nach laang an Erënnerung wäert bleiwen an mat Sécherheet gët dat eent oder annert Erliewten nach méi ewei éng Kéier eraus gehol wann mir erëm Fëscherlatäin verzaapen. Déi nächsten Sortie féiert eis den 5. Dezember op Brouennes ewou mir dann d´Joër ausklengen loossen am Wëssen dass eis och dëst Joër erëm éng wonnerschéin Saison mat vielen Erliewnesser vergönnt wor.